



déi Jonk am Mouvement Écologique



## Fir eng Kantin mat Zukunft!

### Restopolis brauch kloer Reegelen!

Iwwerschwemmungen, Liewensmëttel, Aartestierwen. Dat sinn alles Folge vun der Klima- a Biodiversitéitskris! Fir dass mir déi schlëmmst Folge vun dëser Krise verhënnere kënnen, muss jiddereen\**t* mathëllefen! Restopolis, déi mat méi wéi 70 000 Gäschter am Joer enorm vill Muecht an Afloss hunn, mussen onbedéngt nohaltegeket als éischt Prioritéit hunn. An dëst muss gesetzlech kloer festgehale ginn. Move. a Youth for Climate Luxembourg fuerderen eng nohaltege Kantin mat Zukunft!

#### *Eis Fuerderungen:*

1. Mir wëllen, dass d'lessen an der Kantine gutt fir d'Ëmwelt ass: vill méi bio, saisonal a regional! Dobäi wëlle mir och gutt vegaant a vegetarescht lessen!
2. D'Lëtzebuurger Bauere sollen och eng Chance kréien u Restopolis ze verkafen! Restopolis soll ophalen virun allem bei grousser Produzenten anzekafen mee mat lokale Bauere zesummeschaffen.
3. Mir wëllen och, dass d'Kächinnen an d'Käch léiere, bessert vegaant a vegetarescht lessen ze kachen. Et soll net all zweeten Dag Quorn, Zalot oder Nuddelen ouni Zooss ginn.
4. Mir wëllen, dass an der Kuere méi iwwert d'Klimakris an d'Biodiversitéitskris geschwat gëtt. Besonnesch doriwwer, wéi lessgewunnechten mat der Ëmwelt an eisen Emissiounen zesummenhänken!
5. Experten an Expertinnen déi sech mat Ernierung, Klimaschutz a Landwirtschaft richteg gutt auskënne, solle Restopolis hëllefen eis Fuerderungen emzesetzen!
6. De Staat muss bäileeë fir eis Fuerderungen ze realiséieren (besser Ausbildung fir d'Kichepersonal an Expert\*innen)!
7. Bio a lokaalt lessen ass méi deier, wéi d'Majoritéit vun de Produite déi Restopolis bis elo benotzt huet! Mir sinn dogéint, dass mir als Schüler\*inne méi bezuele sollen, nëmme wëll mir der Ëmwelt net schuede wëllen. Et gi vill Strategie mat deenen een engem méi héije Präis aus dem Wee goe kann: Elleng scho wa Restopolis manner Fleisch akeeft a méi vegetaresch a vegan Produkter, kenne Sue gespuert ginn!

**Mir wëlle keng eidel Versprechen! Eis Fuerderunge sollen an dat néit Gesetz vu Restopolis kommen, wat dëst Joer an der Chamber beschwat gëtt. Sie sollen esou gesetzlech verflucht ginn zu enger wierklech nohalteger Kantine ze ginn! Mir erwaarden eis vun dem Educatiounsministère, vun alle politesche Parteien an den Deputéierten, datt dat esou kloer an d'Gesetz era stoe kennt.**

## Eis Fuerderungen am Détail:

Als Jonker, déi e groussen Deel vun de Konsument\*inne vu Restopolis ausmaachen, ass et eis immens wichteg eng **nohalteg Ëmstellung** vun de lëtzebuergesche Kantinnen ze errechen. Wa mir iwwert de Klimawandel an d'Biodiversitéitskris schwätzen, da geet et nämlech em eis Zukunft: Eng Institutioun wéi Restopolis, déi sech u jonk Léit riicht, soll sech besonnesch Méi ginn, eist Recht op eng liewenswäert Zukunft ze schützen.

An eiser Erfahrung ass d'Philosophie vu Restopolis awer eng aner: All Dag wéineg bio, wéineg lokal, eng exzessiv Fleesch Offer a minimal Variatioun bei de vegetaresche Menüen. Vun enger adequater veganer Alternativ guer net ze schwätzen. Eng ofwiesslungsräich a gesond Ernierung heescht fir eis eppes aneres.

Restopolis huet sech mat hirer néier Campagne "Food4Future" grouss Zieler gesat. Och wann des nach net konkret genuch sinn, schéngt Restopolis awer an déi richteg Richtung ze denken. Et ass ze begréissen, datt Restopolis heimat eng Partie wichteg Ännerunge maache wëll, déi och fir eis wichteg sinn. Mir wëllen awer **keng eidel Versprieche** vu Restopolis, mir mussen eis sécher kënne sinn, dass si sech och drun halen. A virun allem ginn eis hier Versprieche a punkto **lokal, saisonal, bio oder planzlech** net wäit genuch.

Vum Ministère heescht et, dat wär net néideg et bréicht ee keng Zieler am Gesetzestext festzehalen, well Nohaltegkeet an de Kantinnen eng Selbstverständlechkeet wier. Grad elo bitt sech d'Geleeënheet, Restopolis kloer virzeschreiwen, wéi si schaffe sollen. Dat well den néie Gesetzesprojet N°7792, mat deem d'Missioun an de Fonctionnement vu Restopolis gesetzlech festgehale soll ginn, elo gläich an der Chamber beschwat soll ginn. Eng **Verankerung am Gesetzestext** N°7792 wär fir eis awer **eng Versécherung**, dass Restopolis sech wierklech u seng Versprieche hale well. Nëmme esou hu mir eng Garantie, datt och wierklech eppes geschitt.

Mir wënschen eis, datt Restopolis als Verwaltung vum Staat zu engem Virreider vun der nohalteger Entwécklung gëtt an dat **muss an engem Gesetz virgeschriwwen ginn**.

Net alles kann duerch d'Campagne "Food4Future" geléist ginn. Mir fuerderen also konkret:

1. Mat der Food4Future Campagne, versprécht Restopolis, am Aklang mam **Bioaktiounsplang** anzekafen, an esou 2025 **op 20% bio** ëmgestallt sinn. Restopolis wëll also den absolute Minimum maachen! Laut der "Planetary Health Diet" sollen **¾ vun engem Plat planzlech** sinn. Restopolis huet dëst awer net a seng Zieler agebonnen. Net nëmme produzéiert d'Fleesch- an d'Mëllechindustrie immens vill Zäregasemissiounen, mee den exzessive Fleeschkonsum wierkt sech och negativ op d'Gesondheet aus.
2. Innerhalb vun enger Woch zerwéieren all d'Kantine vu Restopolis ongeféier dat selwecht lessen. Dat verhënnert awer, dass och Liewesmëttel vun eenzele Baueren oder Kooperativen aus Lëtzebuerg oder der Groussregioun kenne geholl ginn. Fir eis ass wichteg, dass sech **kleng, lokal Produzent\*innen** och un den Ausschreiwunge fir

d'Liewesmëttel an de Kantine bedeelege kéinten. Dofir muss **d'Akafspolitik dezentraliséiert ginn**: amplaz am ganze Land di selwecht Platen ze zerwéieren a just bei „grousse Fournisseurs“ anzekafen, brauche mir méi Vilfalt.

3. An der Food4Future Campagne schwätzt Restopolis selwer vu weidere Formatioune fir hiert Kichepersonal: Mir fannen et immens wichtig, dass et eng **Aus- und Weiterbildung vum Kichepersonal an der vegetarescher a veganer Kichen** wierklech séchergestellt ass. Och sollen si d'Méiglechkeet hunn, sech iwwer d'Themen Liewesmëttelverschwendung, ekologescht Akafen an eng ausgewogen Ernierung z'informéieren.
4. Mat hire Sensibiliséierungsversich erreecht Restopolis kaum Schüler\*innen; wéineg huelen sech eng Broschür mat, déi manst liesen se. **D'Thema Ernierung muss nohalteg an de Schoulprogramm agebonne ginn**, an dëst länneriwwergräifend: D'Thema Ernierung a Landwirtschaft werft Froen am naturwëssenschaftleche, am gesellschaftlechen an och am politesche Beräich op.
5. Am Gesetzestext gëtt vun engem reng consultativen groupe d'accompagnement geschwat, dee Restopolis an der Ëmsetzung vun hiren Ziler begleet soll. Mee d'Zesummesetzung vun dem Grupp léist ze wënschen iwwer. Fir eng wierklech nohalteg Ëmgestaltung vu Restopolis ze erméigleche brauche mir **Léit vum Terrain aus ganz verschiddene Beräicher** (wéi z.B. Ernierungsberoder\*innen, Baueren, Expert\*innen). Inspiratioun fir esou e Grupp kann een zum Beispill beim däneschen Madhus fannen, déi mat Hëllef vun engem änleche Gremium eng Transitioun mam Endresultat vun 90% biologesche Liewesmëttel an der kollektiver Restauratioun erreecht hunn. Parallel heizou ass et immens wichtig, de Konsument\*innen **eng Stëmm an eng reel Chance fir matzeschwätzen ze ginn**. Bis ewell bleift dat éischter op der Streck, well Restopolis d'Entscheidungskraaft eleng dréit.
6. Fir eis Fuerderungen z'erméigleche brauch et **eng Investitioun vum Staat**: Des soll genotzt gi fir eng nohalteg Ëmgestaltung vu Restopolis anzeleeden, esou also an d'Weiter- an Ausbildung vum Personal fléissen an d'Käschte vum groupe d'experts iwwerhuelen.
7. Fir Liewesmëttel muss de **faire Präis** bezuelt ginn. Trotzdeem muss verhénnert ginn, dass d'Transitioun op Käschte vun Schüler\*inne geschitt. Dowéinst soll de Staat bereet sinn, ggf méi an d'Liewesmëttelversuergung ze investéieren. Et soll alles gemaach ginn, datt all eis Fuerderungen **ouni en Uklamme vun de Menüpräiser** kënnen ëmgesat ginn. An duerch eng gezielt Akafspolitik léist sech och Geld spueren: andeems beispillsweis nach méi verstärkt gekuckt gëtt datt Produité komplett verwäert ginn ("nose to tail" Prinzip). Et ass och gewosst, datt planzlech Produite oft méi bëlleg sinn wéi déieresch Produiten. Duerch eng vegan a vegetaresch Kiche léist sech also Geld spueren (a natierlech och Klima a Biodiversitéit schützen).

**Dës Fuerderunge mussen an de Gesetzestext stoe kommen! Mir wëlle keng eidel Versprieche!**